N° 6857
Entrée le 24.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes an dem Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro n°6857 vum 19. September 2022 vum Deputéierten Fernand Kartheiser zu den finanziellen Hëllefen vun der EU un d'Ukrain

Säit der russescher Invasioun vun der Ukrain sinn op europäeschem Niveau eng Rei Mesuren geholl ginn fir d'Ukrain um wirtschaftlechen, sozialen a finanziellen Plang ze stäerken.

Aktuell beleeft sech d'Ënnerstëtzung, déi d'EU zougesot huet, op knapp 12 Milliarden Euro. Dës finanziell Hëllefen sinn virun allem fir de Staatsapparat an essentiell Servicer vum Land während dem Krich z'erhalen.

De Finanzement gëtt gréisstendeels iwwert den EU Budget mobiliséiert an kann a folgend Kategorien agedeelt ginn :

a Milliarden Euro

Kategorie	**Zougesoten Hëllefen**	**Ausbezuelten resp. bereetgestallten Montanten**
Humanitär Hëllef	0,335	0,268
Budgetär Ënnerstëtzung an aner Hëllefen	1,244	0,650
Prêten am Kader vun der *assistance macrofinancière*	7,200	4,200
EU-Garantien fir Prêten iwwert d'BEI an d'BERD*	3,258	1,868
Total	**12,037**	**6,986**

*Banque européenne d'investissement (BEI), Banque européenne pour la reconstruction et le développement (BERD)
Quell: Commission européenne. Stand : Ufank Oktober 2022.

Zousätzlech zu den Hëllefen, déi am Tableau opgelëscht sinn, ënnerstëtzt d'EU d'ukrainesch Arméi via hir *Facilité européenne pour la paix* mat 3,1 Milliarden Euro. Doriwwer eraus goufen iwwert den *EU Civil Protection Mechanism* Saachleeschtungen am Wäert vun 400 Milliounen Euro bereet gestallt.

Iwwerdeems huet d'BEI am Mäerz 2022 668 Milliounen Euro un direkt Hëllefen fir d'Ukrain ausbezuelt. Eng weider Tranche vun 1,59 Milliarden Euro ass am Juli 2022 décidéiert ginn, wouvunner bis elo 1,05 Milliarden Euro ausbezuelt ginn sinn.

Lëtzebuerg huet bis ewell 99,7 Milliounen Euro fir zivil a militäresch Zwecker mobiliséiert, wouvunner 73,5 Milliounen Euro Militärhëllef duerstellen. Donieft bedeelegt de Grand-Duché sech un europäeschen an internationalen Initiativen, zum Beispill indirekt iwwert seng Kontributioun an den EU Budget oder direkt duerch d'Kontributioun an d'*Facilité européenne pour la paix*.

Andeems déi finanziell Ënnerstëtzung dem Land erméiglecht seng Infrastrukturen, essentiell Servicer a domat säin Staatsapparat während dëse schwéiere Zäiten um Liewen ze halen, gëtt d'Basis geluecht fir eng zukünfteg, nohalteg Entwécklung vun der Ukrain. Dës Hëllefen sinn soumat en ligne mat de Missiounen vun der BEI an d'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt all entspriechend Initiativ vun dëser Institutioun.

Luxembourg, den. 24 Oktober 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes